

STATUTTEN

Eppelduerfer Jugend

De 29. August 2015 gëtt tëschent den Persounen

Chiesa Nadia, éducatrice diplômée, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Moutfort,
Da Silva Victor, Schüler, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Chrëschtnech,
Elsen Melanie, geleiert Mediendesignerin, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Beaufort,
Esch Philippe, Mechatroniker, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Stegen,
Friederes Fränz, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Eppelduerf,
Friederes Ken, Hëlleskraaft, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Eppelduerf,
Friederes Lisa, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Eppelduerf,
Friederes Marc, landwirtschaftlech Hëlleskraaft, lëtzebuergesch,
mat Wunnsätz zu Eppelduerf,
Friederes Mona, Schüler, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Eppelduerf,
Lentz Laura, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Eppelduerf,
Lutgen Nikita, Schüler, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Bascharage,
Mangers Jeff, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Beaufort,
Vandervaeren Jean-David, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Beaufort,
Willems Sacha, Brandschutztechniker, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Diekirch,
Zirves Michèle, éducatrice, lëtzebuergesch, mat Wunnsätz zu Wuelessen,

eng Vereenegung ouni Gewënnzweck gegrënnt, déi de virleiden Statuten an dem
Gesetz vum 21. Abrëll 1928 (ofgeännert duerch d'Gesetz vum 22. Februar 1984 an
duerch d'Gesetz vum 4. Mäerz 1994) vun de Vereenegungen ouni Gewënnzweck
(weiderhin „d'Gesetz“ genannt) ënnerläit.

KAPITEL I

Numm, Sätz, Dauer, Geschäftsjoer

Art. 1

D'Vereenegung ouni Gewënnzweck dréit de Numm „Eppelduerfer Jugend“. De Numm op franséisch ass „Club des Jeunes Eppeldorf“. Weider Referenzen op „Veräin“ oder „Vereenegung“ bezéien sech op déi selwecht.

D'Eppelduerfer Jugend a.s.b.l. ass de rechtliche Nofolger vum 7. Januar 1964 gegrënnten a 29. August 2015 opgeléiste Veräin „Eppelduerfer Jugend“.

Art. 2

De Sätz vun der Vereenegung ass um Rullewee, 5, L-9365 Eppelduerf.

Art. 3

D'Dauer vun der Vereenegung ass onbegrenzt.

Art. 4

D'Geschäftsjoer ass identesch mam Kalennerjoer (01. Januar - 31. Dezember).

KAPITEL II

Zweck

Art. 5

Zweck vun der Vereenegung ass et, de Jugendleche vun Eppelduerf an der Ëmgéigend eng Gemeinschaft ze bidden.

Art. 6

De Veräin ass politesch a konfessionell neutral. D'Ausschléissen oder d'Diskriminéierung opgrond vun der politescher oder konfessioneller Ausrichtung, dem Geschlecht oder der sexueller Orientéierung ass net zoulässeg.

KAPITEL III

Memberen

Art. 7

De Veräi besteet aus aktive Memberen, Éirememberen a Membres Donateurs.

Art. 8

Als aktive Member vun der Vereenegung ka jidder natierlech Persoun bäitrieden, déi

- a) dës Statutten unhëlt,
- b) hier Bedingungen erfëllt,
- c) mindestens 16 Joer huet an
- d) sech aktiv un den Aktivitéite vum Veräi bedeelegt.

D'Memberschaft als Éieremember gëtt duerch d'Entscheidung vum Virstand un déi Leit verginn, déi de Veräin ënnerstëtzt oder zu der Realisatioun vun de Veräinszieler e luewenswäerte Bäitrag geleescht hunn.

D'Memberschaft als Membre Donateur gëtt un déi Leit verginn, déi de Veräi mat enger järerlecher Cotisatioun ënnerstëtzen.

Art. 9

Cotisatioun vun aktive Memberen, wéi och vu Membres Donateurs ass fir all Geschäftsjoer ze bezuelen a kann beim Austrëtt net zeréckverlaangt ginn. D'Héicht vun der Cotisatioun fir aktiv Membere gëtt vun der Generalversammlung bestëmmt an duerf net iwwer 20,00€ klammen. Membres Donateurs müssen eng Cotisatioun bezuelen, déi op mannst dem duebele Wäert vun der Cotisatioun fir aktiv Memberen entsprécht.

Art. 10

De fräiwëllegen Austrëtt ass zu all Moment méiglech.

Gëtt d'Cotisatioun net innerhalb vun 2 Méint bezuelt, verfält d'Memberschaft automatesch.

Den erneite Bäitritt ass ewéi den éischte Bäitritt ze behandelen.

Art. 11

Bäitritt, wéi och fräiwëllegen Austrëtt vun engem Member muss schrëftlech festgehal ginn. Dëst muss vum betraffene Member, wéi och vun engem Member aus dem Virstand, an der Regel vum President, ënnerschriwwe ginn.

Art. 12

De Virstand ka Memberen, déi sech veräinsschiedegend verhalten, sech de Bestëmmungen an Unuerdnunge vun de Statutten, der Generalversammlung oder dem Virstand entzéie vum Veräin ausschléissen. Den Ausschloss kann op Ufro vum betraffene Member vun der nächster Generalversammlung iwwerpréift an, sollt et sou entscheet ginn, réckgängeg gemaach ginn. De Virstand, wéi och d'Generalversammlung entscheet mat enger 2/3 Majoritéit iwwert den Ausschloss.

Art. 13

D'Unzuel u Memberen ass onbegrenzt. D'Unzuel un aktive Memberen duerf net ënner 5 falen.

Art. 14

Aktiv Memberen hunn d'Pflicht

- a) de Bestëmmunge vun de Statutten an den Opfuederunge vum Virstand mat Zäiten nozekommen,
- b) sech, falls néideg, vu Generalversammlungen, vu Versammlungen a weideren Aktivitéite beim Virstand ofzemellen.

Art. 15

Aktiv Memberen hunn d'Recht

- a) eng Versammlung beim Virstand unzufroen,
- b) un der Generalversammlung deelzehuelen an dat eegent Stëmmrecht perséinlech auszeüben,
- c) vun de Virdeeler vum Veräin, bestëmmt duerch d'Statutten an de Veräinsunuerdnungen, ze profitéieren.

KAPITEL IV

Generalversammlung

Art. 16

D’Pouvoire vun der Generalversammlung sinn duerch Artikel 4 vum Gesetz, wei och an de virleiende Statutte bestëmmt.

Art. 17

D’Generalversammlung setzt sech aus allen aktive Memberen zesummen.

Art. 18

D’uerdentlech Generalversammlung gëtt jäerlech aberuff. Eng ausseruerdentlech Generalversammlung kann zu all Moment aberuff ginn, sief et duerch d’Entscheidung vum President oder duerch eng 1/3 Majoritéit vun den aktive Memberen.

Art. 19

D’Generalversammlung gëtt duerch de Virstand aberuff. Se muss mindestens 14 Deeg am Voraus mat festgeluechter Dagesuerdnung bäi de Memberen ugekënnegt ginn.

Art. 20

D’Resolutiounen vun der Generalversammlung gi mat einfacher Stëmmemajoritéit getraff, woubäi all aktive Member, deen entweder präsent ass oder duerch eng Vollmuecht vertruede gëtt, eng Stëmm huet.

Eng Vollmuecht ka just un een aneren aktive Member vergi ginn a gëllt just fir eng Generalversammlung. All aktive Member ka just eng Vollmuecht droen.

Art. 21

D’Resolutiounen vun der Generalversammlung gi schrëftlech festgehal an um Sëtz vun der Vereenegung alle Memberen, wéi och Drëtten zougänglech gemaach.

KAPITEL V

Virstand

Art. 22

De Virstand (Conseil d'Administration) ass no Artikel 13 vum Gesetz mat der Verwaltung vum Veräin a mat der Féierung vun de lafende Geschäfte beoptraagt an duerf iwwee alles entscheeden, wat net duerch d'Generalversammlung, duerch déi virleidend Statuten oder duerch d'Gesetz bestëmmt gouf.

Art. 23

De Virstand besteet op mannst aus 5 (fënnef) an aus héchstens 7 (siwen) Virstandsmemberen. Déi genau Unzuel u Virstandsmembere gëtt vum aktive Virstand bestëmmt.

Art. 24

De Virstand gëtt all Joer op der uerdentlecher Generalversammlung erneiert.

De Virstand gëtt duerch Geheimwale vun der Generalversammlung bestëmmt. Wann op mannst dräi aktiv Membere präsent sinn, déi sech net fir d'Wal opstellen, gëtt d'Wal vun dräi ënnert hinnen duerchgefouert. Dës Memberen si fir de korrekten Oflaf vun de Wale verantwortlech.

Am neie Virstand muss op mannst ee Member säi Wunnsätz zu Eppelduerf hunn. Jiddereen, deen op mannst ee Joer aktive Member beim Veräi war, kann sech fir e Poste beim Virstand opstellen.

All Wahlberechtigten huet bäi der Wal déi selwecht Unzuel u Stëmme ze gitt, wéi Memberen am neie Virstand virgesi goufen. E muss all seng Stëmme un d'Kandidate verginn, duerf dobäi awer net méi wéi eng Stëmm un de selwechte Kandidat verginn.

De neie Virstand besteet aus deene Kandidaten, déi beim éischte gëltege Walgang déi meeschte Stëmme kruten. Wa méi Kandidaten déi selwecht Unzuel u Stëmme kruten an doduerch keng Majoritéit virläit, ginn an enger weiderer Wal déi verbleiwend Virstandsmemberen aus dese Kandidaten ausgewielt.

De nei gewielte Virstand wíelt de President, resp. d'Presidentin aus de nei gewielte Virstandsmemberen aus. Dës Entscheidung muss duerno vun der

Generalversammlung approvéiert ginn. Déi verbleiwend Rollen, definéiert duerch Art. 25, gi vum Virstand verdeelt.

De Virstand ka Membere kooptéieren. Dës kooptéiert Memberen deelen déi selwecht Rechter a Flichte vum Virstand, hunn dobäi awer kee Stëmmrecht.

Art. 25

De Virstand besteet aus engem President, engem Vizepräsident, engem Secrétaire, engem Trésorier, wei weidere Virstandsmemberen.

De President

- a) iwwerwaacht d'Féierung vum Veräin,
- b) féiert d'Generalversammlung, respektiv d'Versammlungen an a schléisst se.

De Vizepräsident vertritt de President, wann dëse verhënnert ass.

De Secrétaire

- a) féiert während der Generalversammlung Protokoll,
- b) stellt d'Memberslëscht op,
- c) stellt d'Aktivitéite vun der vergaangener Amtsperiod op der Generalversammlung fir,
- d) beriff d'Virstandsversammlung, d'Generalversammlung an d'Versammlung op Mentioun vum Virstand an.

Den Trésorier

- a) verwalt d'Verméige vum Veräin,
- b) stellt d'Veräinskeess an d'Buchféierung op der Generalversammlung fir,
- c) hält dem Virstand d'Veräinskeess an d'Buchféierung zu all Zäit bereet.

Art. 26

D'Vermögensverwaltung gëtt vun zwee Keesserevisseuren iwwerwaacht, déi mat einfacher Stëmmemajoritéit op der Generalversammlung fir e Mandat vun engem Joer gewielt ginn. E Keesserevisseur kann net gläichzäiteg Member vum Virstand sinn.

D'Keesserevisseure préiwen d'Veräinskeess an d'Buchféierung op Vollständegkeet a Richtigkeet a stellen hire Rapport op der Generalversammlung fir. Helt d'Generalversammlung de Rapport un, erdeelt se dem Trésorier Entlaaschtung.

D'Keesserevisseuren hunn zu all Moment d'Recht d'Veräinskeess an d'Buchféierung z'iwwerpréifen an dëst der Generalversammlung respektiv dem Virstand ze rapportéieren.

Art. 27

De Virstand trëtt a Versammlungen zesummen, sou oft et d'Interesse vum Veräi verlaangen. En ass beschlussfähig wann op mannst d'Halschent vun de Virstandsmembere präsent sinn. Bâi Ofstëmmungen entscheet eng einfach Stëmmemajoritéit. Bâi Stëmmegläichheet gëllt d'Stëmm vum President duebel.

KAPITEL VI

Schlussbestimmungen

Art. 28

D'Statutte kenne just op enger Generalversammlung op Motioun vum Virstand verännert oder erweidert ginn. Fir all eenzel Ännerung ass eng 4/5 Majoritéit néideg.

Art. 29

D'Opléise vum Veräi gëtt vum Virstand ugefrot. Se ass just da méiglech, wann sech eng 4/5 Majoritéit vun de Membere fir d'Opléisung vum Veräin ausschwätzt oder d'Unzuel u Memberen ënner 5 fält. An dësem Fall geet dat verbleiwend Veräinsverméigen un ze bestëmment Veräiner mat ähnlechen Interessen.

Art. 30

Fir alles, wat net duerch déi virleiend Statutte gereegelt ass, ginn d'Bestëmmunge vum Gesetz ugewannt.